

Mardi,  
21 novembre 2006

Wourëm et der Bréisseler Direktiv geet, ass dee ganzen Tëleecommerce mat Finanzprodukter ënner een Hutt ze kréien, fir him en eenheetlechen europäesche Gesetzeskader ze verpassen. Eng logesch Approche, wéi et schéngt a wéi ee kënnt mengen, mä - an dat wäerte mer gesinn - déi ass net ganz konsequent bis zu Enn bei der Ëmsetzung bei eis geduecht ginn.

Mä loosse mer mat deem ufänken, wat am Gesetz steet. Do geet et haaptsächlech ëm dräi Prinzipien:

Éischte Prinzip: dem Konsument säi Recht op Informatioun duerch de Produzent oder duerch den Tëschenhändler, wat den Detail vun der Wuer oder der Finanzdéngschtleeschung ugeet, déi un de Client bruecht soll ginn. Iwwert dëse Wee soll de Verbraucher méiglechst genee souwuel iwwert d'Furniture wéi och iwwert de Fournisseur informéiert ginn, fir datt hien net eng Kaz am Sak, an dat och nach vun iergendengem louchen Händler keeft.

Zweete Prinzip: d'Recht vum Konsument net vun egal wéi engem Tëleehändler harcéléiert ze ginn. Dat Recht soll doduerch ofgeséichert ginn, datt Clients-Werbung per Tëlefon, Fax oder Internet nëmme mat dem Accord préalable vum Client ka geschéien. Duerfir geet et duer, datt de Client dem Fournisseur seng E-Mail-Adress ugëtt oder datt hien um Site vum Fournisseur eng entspriechend Case uklickt, déi deen dann autoriséiert mat senger Offer un de Konsument erunzetrieden.

Drëtte Prinzip: d'Recht vum Verbraucher bannen engem bestëmmten Délai d'Wuer erëm un de Liwwerant zrëckzeschécken. Dëse Prinzip ass net esou ohne, wéi et sech an der Praxis erweisen huet. Do soll et jo zum Beispill an Amerika - natierlech net bei eis! - a gewësse Kreesser zum gudden Toun gehéieren, sech Kleeder liwweren ze loossen, déi da fir eng Sortie benotzt ginn an da Retour un de Fournisseur ginn, well et wëllt ee jo net ëmmer an deeneselwechte Klamotten op deenen diverse Partyen opdauchen.

Deen Droit de rétractation, deen am spezifische Fall vun de Finanzprodukter souguer aus onerklärleche Grënn op 14 Deeg verduebelt gouf, gëtt hei besonnesch delikat. Well stellt lech emol vir, Dir gitt Är Bank den Uerder, op der Bourse bestëmmten Titelen ze kafen, déi dann an deenen Deeg duerno de Bierg erof ginn an déi Dir dann, well Der op Ären Droit de rétractation pocht, der Bank géift zrëckginn. All klengt Kand versteet, datt dat net esou ka goen.

Duerfir sinn dann och déi Servicer, deenen hire Präis mat der Bourse op an of geet, verständlecherweis vun deem Rückgaberecht ausgeholl. All aner Produkter, wéi zum Beispill e Kredit, kënnen dogéint banne 14 Deeg réckgängeg gemaach ginn, allerdéngs nëmmen da gratis, wann de Fournisseur wëinst der Operation sech net schonns an Onkäschte gestierzt huet.

Här President, d'Ëmsetzung vun dëse Bestëmmungen aus der Direktiv vun 2002 an eis national Législatioun werft un a fir sech weider keng Problemer op. Duerfir huet awer de Choix vun der Form e bëssen Hin an Hier provoziert. D'Regierung hat an hirer Versioun déi och vun der Direktiv virgesinnen Approche vun engem integréierte Gesetz fir de Finanzsektor gewielt, wat jo och iergendwéi Sënn gemaach hätt, nom Motto: ee Gesetz fir ee Sektor.

Nodeem awer d'Chambre de Commerce an hirem Avis gemengt huet, streckeweis géif dat Gesetz fir de Finanzsektor sech mat der allgemenger Législatioun iwwert de Commerce électronique iwwerschneiden, déi offensichtlech der Berufschamber no iwwert dem sektorielle Gesetz unzesiedelen ass, huet och de Statsrot gemengt, et kënnt ee sech déi Dubletten an deenen zwee Gesetzestexter spueren, an huet duerfir proposéiert, datt alles, wat schonn am 2000er Gesetz iwwert de Commerce électronique steet, aus dem neie Projet gestrach soll ginn.

Deem huet sech Är Finanzkommissioun och ralliiert, obschonn och etleches duerfir geschwat hätt, beim Originaltext ze bleiwen. Dëst ëmsou méi, well d'Finanzdéngschtleeschungen à distance eng Aart Markenartikel fir eise wichtigste Wirtschaftssektor kënnte ginn, an duerfir e globaalt Gesetz ubruecht gewiescht wär.

Well een awer och där vum Statsrot proposéierten Alternativ eng gewësse Kohärenz net ofsprieche kann, huet sech d'Finanzkommissioun där Approche net verspaart, a proposéiert lech elo dëse Projet de loi a senger virleierender Form unzehuelen. Ech op alle Fall ginn den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi.

Merci.

» Une voix.- Très bien.

» M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Wann ech dovun ausginn, datt déi aner Fraktiounen sech och deem Text ralliiéieren, da géif ech proposéieren, datt mir géingen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5389 kommen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5389 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par Mme Claudia Dall'Agnol), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi iwwert d'Ofkommen iwwert d'duebel Besteuerung tëscht Lëtzebuerg a San Marino. Den Här Thiel ass och hei Rapporteur an duerfir huet hien elo d'Wuert.

**(Interruption et hilarité)**

» M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Du vergonns engem näischt.

» M. le Président.- Loosse mer den Här Thiel seng Ausféierunge maachen.

## 12. 5590 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Saint-Marin tendant à éviter les doubles impositions en matière d'impôts sur le revenu et la fortune et du Protocole y relatif, signés à Luxembourg, le 27 mars 2006

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

» M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Här President, ech kann dat ganz kuerz maachen.

Op d'mannst deenen, déi sech fir de Motorsport a speziell fir d'Formel 1 interesséieren, ass jo San Marino e Begrëff, huelen ech un. Net als Grand-Prix-Circuit, well esou ee géif net an den Zwergstat passen, deen op engem Hiwwel no bei Rimini trount; duerfir gëtt dann och de Grand-Prix, dee vu San Marino, e bësse méi wäit ewech zu Imola gefuer, wéi d'Spezialiste sécher wëssen, wat un a fir sech awer egal ass. Haaptsaach et ass de grouse Präis vu San Marino an domat déi bescht Reklamm fir déi Enklaverepublik mëtten an Italien.

Dat ass schonn eppes Extraes, deen 90 Quadratkilometer grouse Stat, dee sech selwer ganz houfreg déi klengsten an eelste Republik vun der Welt nennt. Gegrënnt gouf se als Mini-Communautéit ufanks des 4. Joerhonnert vun engem dalmatinesche Steemetzer, dee Marino geheescht huet, an dee sech virun der Verfollegung vum Kee-

ser Diokletian aus dem Stëbs gemaach huet, woufir hien da spéider helleggesprach ginn ass. Am 9. Joerhonnert huet sech déi republikanesch Gemeng um Monte Titano, esou heescht deen Hiwwel...

**(Brouhaha)**

» M. le Président.- Ech géif bieden dem Rapporteur nozelauschteren! Och wann en de Moment nach net bei der duebeler Besteuerung ukomm ass, ass et awer interessant.

**(Hilarité)**

» M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- En ass ënnerwee! En ass ënnerwee!

**(Interruption)**

Oh, et ass awer ganz interessant.

Här President, d'Geschicht, déi ka viles beinhalten, well wann ee seng Geschicht net kennt, da weess een och net, firwat et haut esou ass an net anescht.

**(Interruptions)**

Also déi Gemeng do, déi da sech do eng Regierung ginn huet, Här President, huet sech un d'Spëtzt zwee Kapitän-Regente ginn: Deen ee mécht d'Regierung, an deen aneren ass Statschef.

Gesitt Der, et geet och mat anere Statsforme wéi mat eiser.

Also, ausser datt bei hinnen zu San Marino och 60 Deputéierten am Parlament sëtzen, huet déi Republik net extra vill gemeinsam mat Lëtzebuerg. Och d'Handelsbeziunge sinn net ëmwerfend, wann ee bedenkt, datt mer d'lescht Joer grad emol fir 148.000 Euro dohinner exportéiert a fir 21.000 Euro importéiert hunn. Mä wat soll ee sech och scho Grousses un Handelsrelatiounen erwaarden, wann de Partner knapps 30.000 Awunner huet a seng Haaptressourcen den Tourismus an den Timbershandel sinn?!

Datt mir trotzdem elo en Duebelbesteuerungsofkommen mat der Republik San Marino ausgehandelt an de 27. Mäerz vun dësem Joer ënnerzeechent hunn, huet wéineger mat eiser bilateraler Beziung ze dinn, wéi mat der Tatsaach, datt déi Mini-Republik zu deene fënnef Drëttlänner gehéiert, déi méi oder wéineger fräiwëlleg dem Zënsbesteuerungssaccord vun der Europäescher Unioun bäigetragt sinn.

Am Memorandum of Understanding, deen un d'Steierharmoniséierungsdirektiv vun 2003 drugehaange gouf, erkläert San Marino, datt et sech ënner anere an den europäesche Bankesystem dranhänke wëllt, wat selbstverständlech da voraussetzt, datt et op d'mannst mat deene wichtigste Finanzplazen an der Communautéit en Ofkommen ofschléisst, dat d'Duebelbesteuerung verhënnere soll. D'Ofkommen baséiert wéi gehabt op dem OCDE-Modell, deen a leschter Zäit fir all Duebelbesteuerungsofkommen benotzt gëtt.

Et gëtt och duerfir näischt Besonnesches am Accord, ausser e puer Detailer, déi vum OCDE-Modell ofwäichen, wéi zum Beispill d'steierlech Behandlung vun de Pensiounen an Zousazpensiounen, déi am Quelledand besteiert ginn an net do, wou de Bénéficiaire wunnt. A wat d'Dividenden ubelaangt, gi si mat 15% Quellesteier am Ursprungsland beluecht, wéi dat meeschtens an eisen Accordé virgesinn ass. Duerfir gëtt jo och elo déi Steier deemnächst laut Budgetgesetz hei am Land erfogusat vun 20 op 15%, fir datt d'Steierverwaltung dann net an de Remboursementsfuerderungen erdrénkt.

Eng grouss Ausnahm vun den üblechen Duebelbesteierungsregele steet allerdéngs am Accord mat San Marino: Déi béid Signatairenen halen ausdrécklech fest, datt d'Lëtzebuerger Holdingen och an de Genoss vum Ofkommen komme sollen, wat wuel ënnersträicht, datt déi zwee Partner dach vläicht méi gemeinsam Interessen hunn, wéi een et hätt kënnen unhuelen.

Schued nëmmen, datt déi Dispositioun elo net méi esou richteg zum Droe kënnt, nodeem datt d'Bréisseler Commissioun eis e Stréch duerch d'Rechnung gemaach huet an op d'mannst engem Deel vun eise 14.000 Holdingë bis spéitstens 2010 den Hals ëmdréine wäert.

Här President, vu datt Dir mat Äre Kolleegen am Presidium decidéiert hutt, datt ech dëse Steueraccord virun deem aneren op der Dagesuerdnung, nämlech deem mat Estland, soll presentéieren, dee mäi Kolleeg Norbert Hauptert lech elo gläich virstelle wäert, kann ech mech domat bretzen, de Rapporteur vum 50. Duebelbesteuerungsofkommen ze sinn.

» Plusieurs voix.- Olalà!

» M. Robert Mehlen (ADR).- Dat ass keen Zoufall!

» M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Dat ass vläicht keen extrae Grond, fir ze feieren, Här Mehlen, weist awer, datt eis Vernezung mam Rescht vun der Welt ëmmer méi enk gëtt, an datt mir e wäite Wee gemaach hunn, säitdeem mir viru genee 50 Joer déi zwee éischt Accorden ënnerschriwwen, ausgehandelt an ofgeschloss hunn, nämlech dee mat eise franséischen an dee mat eisen däitschen Noperen.

Dat wär, Här President, vläicht nach e Grond weider, deem Ofkommen mat San Marino zouzestëmmen, wat ech dann och op d'mannst am Numm vun der CSV-Fraktioun hei wëll maachen.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Vu datt déi aner Fraktiounen dat och maachen, stëmme mer elo of iwwert de Projet de loi 5590.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5590 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marcel Oberweis), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. François Maroldt), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roland Schreiner), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Carlo Wagner), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zu deemselwechte Projet, just geet et dës Kéier ëm Lëtzebuerg an Estland. Den Här Hauptert huet d'Wuert.

## 13. 5603 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République d'Estonie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et du Protocole y relatif, signés à Tallinn, le 23 mai 2006

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**



» **M. Norbert Hauptert** (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Duebelbesteierungsofkommes mat San Marino, wat de Kolleeg Lucien Thiel elo grad hei virgedroen huet, ass also dat 50. - hien huet dat mat vill Stolz hei ernimmt. Dat mat Estland ass also dat 51., a mat där Konventioun hu mir mat Ausnahm vun Zypern all Land vun der Europäescher Unioun mat engem Duebelbesteierungsofkommes ofgedeckt. Nieft deene 25 EU-Länner fanne mir am Kuerf vun de Konventiounen nach néng aner europäesch Länner, dorënner Bulgarien a Rumänien, déi jo den 1. Januar och der EU solle bäitrieden, fénnef amerikanesch Länner, véier afrikanesch an zéng asiatesch Länner.

Opfalend ass, datt mir nach mat kengem Land vum australesche Kontinent en Duebelbesteierungsofkommes bis elo ënnerschriwwen hunn. Mat Aserbaidshan a mat de Vereenegten Arabeschen Emirate si Konventiounen ënnerschriwwen, awer nach net an eis Législatioun ëmgesat. Mat der Ukraine an Argentinien huet eis Chamber déi Konventioun schonn ëmgesat, déi aner béid Länner awer nach net, esou datt se nach net a Kraaft sinn. Mat Indien, dem Libanon, Serbien a Montenegro sinn d'Verhandlungen nach amgaang.

Här President, dës Duebelbesteierungsofkommesse ginn net ofgeschloss wéinst der Freed um Verhandelen oder fir eng Rees an exotesch Länner ze maachen, mä villméi fir d'wirtschaftlech Relatiounen mat deene Länner doduerch ze förderen, datt d'Bierger an och d'Entreprise aus deenen zwee Länner grenziwwerschreidend schaffe kënnen, ouni

d'Gefor ze lafen, an deenen zwee Länner vum Steieramt zur Oder gelooss ze ginn.

De Kolleeg Lucien Thiel ass am Detail op d'Konventioun vu San Marino agaang, esou datt ech am Fong geholl och hei net méi am Detail brauch op dës Konventioun zrëckzekommen, well se sech och un d'Convention-type oder d'Convention-modèle vun der OCDE ulehnt, mat deenen üblechen Ofweichunge fir déi sech eis Regierung ëmmer erëm staark mécht, wat d'Besteierung besonnesch vun den Dividenden, den Zënse, de Redevancen a virun allem de Pensiounen ubelaangt.

D'Konventioun mat Estland ass komplett identesch mat deene vun deenen zwee anere baltesche Staten, déi mer virun engem hallwe Joer hei an der Chamber gestëmmt hunn. Ech ginn och dofir net méi am Detail op dës Konventioun an. Dat kënnt Der am schrëftleche Rapport liesen. D'Chamberskommissioun huet dee Rapport unanime ugehall a si schléit der Chamber vir, den Text esou ze stëmmen, wéi en hei virläit. Ech bréngen domadder och den Accord vun eiser Fraktioun a soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien.

» **M. le Président**.- Merci, Här Hauptert. Mir kommen dann direkt zur Ofstëmmung.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5603 ass ugehall mat 60 JoStëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick*

*Santer, Marcel Sauber (par M. Lucien Thiel), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. John Castegnaro), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roger Negri), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.



14. Ordre du jour

Dir Dammen an Dir Hären, ech gesinn Zeechen hei am Sall, déi proposéieren, dass mer elo sollen ophale mat eisem Ordre du jour, speziell well och Kolleegen Obligatiounen

hunn. D'Fro ass allerdéngs wat déi Projekte betrëfft, déi mer haut net evakuéiert hunn: Si mer d'accord, dass mer gegebenefalls muer, no der Debatt iwwert d'Aussepolitik, géinge versiche fir déi evakuéiert ze kréien?

**(Assentiment)**

Ech géing och d'Fraktiounen bieden, sech ze positionéiere wat d'Motioun vun der Madame Brasseur ubelaangt, wéini dass mer...

**(Interruptions diverses)**

Den Här Fayot.

**(Interruption)**

» **Une voix**.- Kënnt deen als Leschten, also kommen déi zwee do haut net drun, mä muer als Lescht?

» **Plusieurs voix**.- Déi dräi.

» **La même voix**.- Déi dräi?

» **M. le Président**.- No der Debatt iwwert d'Aussepolitik.

» **M. Ben Fayot** (LSAP).- Direkt no der Debatt iwwert d'Aussepolitik.

» **M. le Président**.- Den Här Fayot huet d'Wuert nach gefrot.

» **M. Ben Fayot** (LSAP).- Neen, et ass gutt, et ass an der Rei.

» **M. le Président**.- Ah okay. Gutt, Dir Dammen an Dir Hären, domat si mer dann um Enn vun der Sitzung ukomm. Muer de Mëtten um hallwer dräi ass déi nächst Sitzung.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 18.34 heures)**

SÉANCE 6

Présidence: **M. Lucien Weiler, Président**  
**M. Jos Scheuer, Vice-Président • M. Henri Grethen, Vice-Président**

Ordre du jour

- 1. Débat sur la politique étrangère et européenne et sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe
- 2. 5488 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2004

*(Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

- 3. 3923C - Proposition de loi portant 1. révision des paragraphes (1), (3), (4), (5) et (6), alinéa 1<sup>er</sup> de l'article 11 de la Constitution; 2. création d'un article 11bis nouveau de la Constitution

*(Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle - Discussion générale - Premier vote constitutionnel)*

- 4. 5581 - Projet de loi relatif à la transformation des anciens vestiaires des hauts fourneaux pour les besoins d'un incubateur d'entreprises à Belval-Ouest

*(Rapport de la Commission des Travaux publics - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; MM. Luc Frieden et Claude Wiseler, Ministres.

**(Début de la séance publique à 14.30 heures)**

» **M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

Här Vizepremierminister, ech hu gefrot, ob d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen hätt.

» **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration*.- Neen, Här President.

» **M. le Président**.- Mir kommen dann zur Debatt iwwer Europa, d'Aussepolitik an d'europäesch Verfassung. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Bis elo sinn ageschriwwen: den Här Glesener, den Här Goe-

rens, den Här Fayot, den Här Bausch, déi Hären Henckes a Jaerling an d'Madame Err. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marcel Glesener agedroen. Här Glesener, Dir hutt d'Wuert.



1. Débat sur la politique étrangère et européenne et sur le Traité établissant une Constitution pour l'Europe

» **M. Marcel Glesener** (CSV).- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alle réischt géif ech gären am Numm vun der CSV-Fraktioun eisem Ausseminister villmools Merci soen, net nëmme fir sän interessanten lwwerbléck iwwert déi Lëtzebuerger Europa- an Aussepolitik, mä virun allem

awer och fir den Engagement an den Asaz vum Här Ausseminister, vum Här Schmit a vun deem ganze Staff hei zu Lëtzebuerg an ausserhalb Lëtzebuerg, an dat am Intérêt vu Lëtzebuerg. Ech géif also am Numm vun eiser Fraktioun hinnen alleguerte villmools Merci soen a se encouragéieren, déi Politik, déi se während deene leschte Joren ageleet hunn, an Europa an och an der Welt weiderzeverfollegen.

Här Minister, wéi ech meng Interventioun vum leschte Joer hei duerchgelies hunn an nach eng Kéier nogelies hunn, dunn hunn ech leider Gottes misse feststellen, dass sech zënterhier op der grousser Bühn vun der Weltpolitik wéineg zum Gudde geännert huet. Et ass éischter de Géigendeel feststellen. Sou huet sech am Noen Osten iwwert dat lescht Joer d'Situatioun a gutt Stéck verschlechtert. D'Situatioun tëscht de Palästinenser an Israelë spëtzt sech ëmmer méi zou, a béid Länner stiechen och intern an enger ganz déiwer Kris.

Derbäi kënnt, dass dee rezente Krich tëschent Israel an dem Libanon d'Situatioun an där ganzer Regioun weider ugespaant an och veronséichert huet.

Wat den Iran ubelaangt, sou hält den iraneseche President weider stur u sengem Atomprogramm fest, a seng destruktiv Haltung vis-à-vis vum israelesche Stat suergt fir weider Onrouen an där ganzer Regioun.

Am Irak, trotz e puer Hoffnungsschimmeren um politesche Plang, bleiwe Gewalt an Terror weiderhin e feste Bestanddeel vum Alldag. De Mëtteg konnte mer nach um Radio héieren, dass dee leschte Mount iwwer 3.000 Zivilisten duerch Attentater ëm d'Liewe komm sinn. Et ass also fuerchtbar!

Eng nei beonrouegend Situatioun, déi een dést Joer nach kann derbäifügen an déi d'Welt an Otem hält, dat ass Nordkorea, dat Ufank Oktober en nuklearen Test bei sech ausgefouert hätt. Dat alles ënnersträicht déi Suerg, déi eis alleguerte befält.

Kolleeginnen a Kolleegen, wann ee sech dat alles duerch de Kapp goe léisst, da gëtt engem séier kloer, dass mir eleng als klengt Lëtzebuerg wuel ganz wéineg kënnen ënnerhuelen, fir all dës komplex Problemer an der Welt ze léisen. Eis Meenung als klengt Land fält do séier wéineg an d'Gewicht. -

Dir hutt dat selwer gëschter ënnerstrach, Här Minister.

Aus dësem Grond spillt de Multilateralismus fir eis esou eng besonnesch wichteg a grouss Roll. Et ass just duerch dee Multilateralismus, dass mir als Land d'Geleeënheet kréien, eis Meenung matzedeele, an dass mir kënnen versichen dozou bäizedroen, no Léisungen ze sichen, fir déi kritesch Situatiounen an der Welt an de Grëff ze kréien a wa méiglech och ze léisen. Hei kréie mir dann och effektiv d'Méiglechkeet, fir bescheiden, mä trotz allem, fir ze handeln.

Aus dësem Grond wäert ech meng Interventioun a meng Reaktioun op dem Här Ausseminister seng Ried virun allem op d'Europäesch Unioun beschränken, där hire gudde Fonctionnement fir eist Land vu kapitaler Wichtigkeet ass. Duerfir gehéiert et och zu eisen dringlechsten Aufgaben, matzehëlfen, d'Europäesch Unioun aus där Kris ze zéien, an där si zënter elo schonn iwwer engem Joer bis iwwer béid Ouere stécht.

Ofschléissend wollt ech dann nach ganz kuerz op den Europarot ze schwätze kommen, eng Institutioun, déi eis a mir besonnesch um Häerz läit an där hir Wichtigkeet menger Usicht no vill ze vill oft an der Öffentlechkeet ënnerbewäert gëtt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, den 1. November vun dësem Joer hätt eigentlech sollen déi europäesch Constitutioun a Kraaft trieden. Wéi mer jo allegueren heibanne wëssen, gouf dëse Plang zënter den negative Referenden a Frankräich an an Holland op Äis geluecht.

Zënterhier weess kee méi esou richteg, wéi et virugoe soll. Europa huet seng Orientéierung verluer, a well der Unioun deen néidegen Driff fir d'Zukunft feelt, vegetéiert se viru sech hin a mécht momentan net vill méi wéi d'Gestioun vun hirem alldeeegleche Programm.

D'Fro, déi sech stellt, ass, wéi mer et fäerdeg bréngen sollen, d'Europäesch Unioun aus dësem Immobilismus erauszézéien an nees fit fir d'Zukunft ze maachen.

Eng Transformatioun vun der Europäescher Unioun ass onëmgängelech, fir dass hire Fonctionnement mat geschwé 27 Mem-